


## Huet Dir et ewell?



...da krut Dir et als Member vun der Actioun-Lëtzebuergesch oder als Sponsor vum Monument a Kulturwee RODANGE / REENERT geschéckt. Wann net, da kritt Dir et elo praktesch an alle wichtege Bicherbutteker oder vun äis (+Porto) geschéckt. Mir hunn de Präiss bewosst niddreg gehal; et geet äis jo net ëm e Boni, mä fir dat Buch 'ënner d'Leit' ze bréngen. 140 Säiten am DIN A5; plastifizéiert méll oder haart Deckelen: 9.50 resp. 12 €. (ISBN: 2-87989-012-8)

An deer 'Plaquette' fannt dir d'Geschicht vum Monument (1997 bis 2004) verzielt an och mat iwwer 80 Biller / Illustratione faarweg lieweg gemaach, an dat vun deer éischer Bläistëft-Skizz bis bei d'Opriichten an d'Aweigung.

5 Artikelen, déi méi an d'Déift vum Dichter a sengem Wierk ginn, explizéieren déi kulturell Wichtegkeet vun deem nationale Konschtwierk. Et ass beileiwe keng sougenannt 'Veräinsbrochure'. A jidfer Bicherschaf gesäit et elegant aus, an als Cadeau kann et vill Freed maachen. ■ AL

## „MOIEN - eng Bréck fir eis SPROOCH, a.s.b.l.“

Mir haten lech hei an eiser KLACK mat Freed driwwer verzielt, datt eng Grupp vu Leit sech zesumme fonnt hunn, fir eiser Sprooch mat Coursen iwwer Conversatioun, Orthographie a Grammaire ze hëllefen... eng wonnerbar Saach!

Elo bidd deen neie Veräin och jidderengem mat engem extrae VERBESSERUNGSSERVICE seng Hëllef un. Dat ass och fir äis eng flott Nouvelle. Mir maachen datselwech ewell zënter 34 Joer; et gëtt ëmmer méi (ee Gléck !), a mir ginn lech mat Sympathie deem neie Veräin seng E-mail-Adress: moien @ pt.lu / Téléphon 26 311 343

## Eist neit klengt Spill

### Wou ass et? – Wéi heescht et?

An eiser leschter KLACK (112) vrun der Vakanz hate mir e klengt Photo-Spillche versprach, dat dann elo an dëser Nummer ueget. Ze fannen ass, wou dat "Dëngen" op deer Photo ass, an eventuell wéi et heescht. Beispill: kënnt e Bild vum Reenert um Knuedler, dann ass d'Äntwert "Knuedler; Reenert".

**Déi dräi éischt richtig Äntwerte kréien e Buchpräiss.** D'Saach mat "Postkaart / Poststempel" ass zimlech komplizéiert an dacks ongerecht: dat hänkt mat de verschiddenen "Tournée" vun eise Bréifdréier zesummen. Dofir gëllt nëmmen de FAX an den E-mail mat exaktem Datum an der Auer... mir wëssen, datt net jiddereen dës Mëttele huet, ower et si jo zwéin Deeg Zäit, fir eng gutt Séil ze fannen... Och d'Zeitung kënnt net iwwerall dselwech Zäit un; dofir setze mir eng Zäitspan fest, an deer déi elektronesch Äntwert kann erakommen: dat ass dann all Kéier de Méindeg no der KLACK, vu mueres 9 bis 13 Auer.

An deer nächster KLACK, gin d'Nimm vun all deene publizéiert, déi richtig geäntwert hunn. Vergiesst w.e.g. net, **är ADRESS** unze-ginn, soss dappe mir an der Däischtert. Eis E-mail- a FAX-Adressen: hei uewen an der KLACK. Da macht emol duer... a vill Chance! ■ P.W.

## Klengt Spill



## Bicher, Bicher, Bicher...

Eis Sprooch kann nëmmen am Geschriwwenen op e gewëssenen Niveau kommen an och do gehal ginn. Dat ass eng vun eisen Haaptsuerge gewiescht, wéi mir d'Actioun-Lëtzebuergesch 1971 gegrennt hunn. Natierlech guf et deemools och Lëtzebuergesch tëscht Bicherdeckelen. Ower wien huet et kaaft? Wien huet sech dofir intresséiert? A woufir waren déi esou dënn geséint?

'Geschriwwent Lëtzebuergesch', dat sinn d'meescht Gedichter gewiescht a bal emmer déiselwech; manner gudder, besserer an excellenter... mä wie liest dann och scho Gedichter? Haut ass d'Situatioun vum geschriwwenen a gedrechte Lëtzebuergesch esou gutt, datt vru 25 Joer keen sech si och nëmme gedreemt hätt! Firwat? Dorop komme mir och haut an engem klengen Artikel an dëser KLACK ze schwätzen.

**Wann Dir et éierlech mat eiser Sprooch mengt**, da musst Dir net onbedéngt selwer schreiwen a publizéieren; Dir kënnt iech ower iwwer d'Liesen an d'Nobliederen dofir intresséieren, sief et duerch Gedichter, Romaner, grous a kleng Dictionnairen, Léierbicher asw.

An de gudder Bicherbutteker fannt Dir elo iwwerall en Eck mat lëtzebuergeschem Lies-Material. Mir erënneren lech haut emol un e puer 'eiser Saachen', déi Dir do oder direct bei äis kritt... a vläicht kommt Dir doriwwer op vill anerer:

<b>Mosaiksteng</b> / Dictionnaire 6 000 Wieder Lëtzebuergesch-franséisch	<b>17 €</b>
<b>Eiser Lidder</b> , 64 mat Nouten+Akkorden	<b>9 €</b>
<b>Um Vaubang</b> , aus der Kannerzäit ëm 1900	<b>16 €</b>
<b>40 Fabelen</b> op Lëtzebuergesch (L.Roth)	<b>12 €</b>
<b>Annoncen a Menüen</b> , 5. Editioun	<b>3 €</b>
<b>Spréchelcher a Geschichten</b> (J.Theis-Kauth)	<b>12 €</b>
<b>Psalmen op Lëtzebuergesch</b> (komplett)	<b>24 €</b>
<b>Texas Nuckes</b> (Louis Miesch)	<b>2 €</b>
<b>'Klengegkeeten'</b> , Spréchelcher / Robert Siuda	<b>2 €</b>
<b>Rout a gréng Lëschten</b> / 900 Beispiller	<b>2 €</b>

**Bestellung fir Schoulen a Veräiner: -15% !**



## Eng BOUCHÉE, wannechglift...

vläicht och e klenge "vole-au-vent"; wa méiglech och kee "ris de veau" an der Farce; den Deeg hunn ech och gär schéi knuspreg an de Rais "al dente"... Also nëmme keng 'Paschtéichen', ouni 'Pujel' am 'Gefëlls' an de Räis gutt 'knazeg'. Eng Paschtéichen ass vläicht zevill ordinaire, 'Pujel' klénkt esou schmieg, 'Gefëlls' ass ze einfach, 'krupseg' net fein genuch an dat 'knazeg' ze kannereg, gellidir, net wouer.

Dat sinn zwar Beispiller fir ze schmunzen, ower si sinn net aus der Loft gegraff. Hei maache mir un eiser Sprooch muttwëlles eppes futti, wou si zënter Generatiounen Ausdréck hat. Dat huet näischt mat « normaler Evolutioun » ze dinn. E lëtzebuergesch Wuert riichtewech an ouni Ursaach duerch en däitscht oder franséisch ze ersetzen a verjowen, dat nennt sech verschampléieren an net evoluéieren!

E Beispill: fir 'Rucola' haten a hu mir kee Wuert... well et dat net hei guff a gëtt! Domat gëtt also näischt zum Onwee gemaach. Mir brauchen ower kee 'Wirsing', well de 'gekrauselte Kabes' äis duergong, vläicht och als 'Zafuerjer / Zafoyer' bekannt... e flotte Fall fir eises sproochverdruddele Franséisch (choux de Savoie). Ëmgedréint ass ower och 'rout Molbier' fir 'Preisbeeren / airelles' eng sympathesch Immigratiounsgeschicht fir eis Sprooch, vun deer jo ëmmer (falsch) behaupt gëtt, si wier net ëmstand, emol heiansdo en neien Ausdruck ze maachen. Vlächent kennt dir deer "neier" Wieder nach, apaart um Gebitt vum lessen, wou de Lëtzebuergesch sech jo knapps huele léiss. ■ L.R.

## DEUTSCH LUXEMBURGISCHES WÖRTERBUCH

35000  
Stichwörter &  
Wendungen

## Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

**39,50 €**

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).